PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 16:54, 29/10/2020

Lëtzebuerg, den 29/10/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.**

Obwuel Mobbing duerch eng Villzuel un Artikelen aus internationalem a nationalem Recht an och duerch de groussherzogleche Reglement vun 2009 verbueden ass, kënnt et a lëtzebuergesche Betriber ëmmer nach zu Situatiounen, an deenen Aarbechter humiliéiert, degradéiert oder psychologesch fäerdeg gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei vill Uriff goungen am Joer 2019 an an deenen éischten 9 Méint vun 2020 bei der ITM wéinst Mobbing an? Wei vill Plaintë goufen deposéiert?

2. An enger Presentatioun zum Thema *Actions Positives* vum Chancëgläichheetsministère, rifft de Ministère Betriber op, fir hiert Personal zu *Responsables d'égalité* ze forméieren, déi am Fall vu Mobbing oder Diskriminatioun, den Affer sollen hëllefen.
   Huet de Ministère Zuele wéi vill esou Responsables d'égalité et an de Betriber ginn?

3. Am Règlement grand-ducal vum 15.12.2009 steet, dass am Fall, wou et zu Mobbing kënnt, eng intern Evaluatioun muss vum Employeur gemaach ginn.
   Huet d'Affer Zougang zu dëser Evaluatioun? Falls nee, wéi stinn d'Ministeren zu enger verflichtender Transmissioun vun dësem Dossier?

4. Wéi stinn d'Ministeren zu enger Charge de la preuve, déi just vum Aggresseur an dem Employeur gedroen gëtt?

5. D'Proposition de loi n°4979, 2002 vum Lucien Lux déposéiert, 2016 vum Taina Boefferding iwwerholl, koum tëschenzäitlech an aner Kommissiounen a 2018 läit säit erëm an der Aarbechtskommissioun.
   An dësem Gesetzesprojet war ënnert anerem virgesinn, d'ass *Délégation du personnel* eng wichteg Roll spillt an der Protektioun vum Affer.

   - Wat sinn am Moment d'Flichte vun enger Personaldelegatioun an esou enger Situatioun? Wéi ënnerscheeden se sech vun den Obligatiounen, déi am Artikel 5

vun der Proposition de loi festgehale sinn?

- Si momentan Schrëtt virgesinn, fir een Anti-Mobbing Gesetz, zum Beispill op der Basis vun der uewe genannte Proposition de loi, zu Lëtzebuerg anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 octobre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3066 du 29.10.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Mobbing au lieu de travail

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés